N°4000
Entrée le 28.04.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 29.04.2026
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 28. Abrëll 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.

Duerch d'Renovatiounsaarbechten um Findel an de Joren 2021 an 2022, si Probleemer bei der Start- a Landebunn vum Findel entstanen. D'Rëss am Belag an de mangelhafte Waasseroffloss musse permanent kontrolléiert gi fir d'Sécherheet vum Fluchverkéier ze garantéieren. Analyse vun onofhängegen Experte ginn et an dëser Affär och schonn. Viru Kuerzem huet d'Madamm Ministesch um Radio annoncéiert datt déi „nächst Schrëtt [an dësem Dossier] warscheinlech juristescher Natur sinn."

An deem Kontext géinge mir der Madamm Ministesch follgend Froe stellen:

- Wéini gedenkt d'Regierung d'Klo ze deponéieren?
- Wat wier de geneeën Inhalt vun der Klo an d'Zil dovunner?
- Géing d'Klo sech géint d'Entreprise riichten déi d'Aarbechte gemaach huet oder/an d'Entreprise déi d'Material geliwwert huet?

Mat déiwem Respekt

Mars Di Bartolomeo
Deputéierten

Yves Cruchten
Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu